Space mining

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen,

Datt Mënschen no de Stäre gräifen ass net nei, an elo wou quasi e Goldrausch em Weltraumressourcen ausgebrach ass, ass et nëmmen normal, datt erëm méi Mënschen an doranner och de Lëtzebuerger Staat no de Stäre gräife wëllen.

Mir sinn net der Meenung, datt eng Regierung kee Risiko dierf agoen, ganz am Contraire, heiansdo ass et néideg e Risiko anzegoen fir weider no vir ze kommen. Mir hätten eis awer erwaart, datt d'Feeler déi bei Planetary Ressources gemaach goufe méi transparent opgeschafft gi wieren.

Et gëtt e schéine Sproch "Bei engem Goldrausch, sich net no Gold, wann s de Schëppe verkafe kanns!"

Als klenge Staat deen et duerch de Marketing vun der Regierung gepackt huet op der Stärekaart vum Space Mining opzetauchen sollte mir eis also zu engem Rôle als Schëppeverkeefer hin orientéieren.

D'SES-Geschicht ass de beschte Beweis dofir, datt een net selwer muss no Gold gruewe wann ee ka Servicer fir déi offréieren, déi no Gold sichen. A virun allem ass et vill manner riskant!

Dofir géife mir eis wënschen, eis Souveränitéitsnischen ze notze fir geziilt Fournisseure vun de Firmen déi no Ressource sichen unzelackelen amplaz selwer no Gold ze sichen.